N°3383
Entrée le 22.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3383 du 23 décembre 2025 de l'honorable député Jeff Boonen au sujet du financement du mécanisme de compensation**

De Mécanisme de compensation gouf am Gesetz iwwert de Stroummarché vun 2007[1] eng éischte Kéier verankert, an d'Modalitéite goufen am entspriechenden Reglement vun 2010[2] festgeluecht.

D'Netzbedreiwer hunn d'Obligatioun *(Obligation de service publique)* de Stroum, deen aus erneierbaren Energien an héicheffizienter Cogénératioun produzéiert, an an d'Netz agespeist gëtt, iwwert Kontrakter *(Contrat de rachat oder Contrat de Prime de marché)* vun de Produzenten ofzekafen. Fir eng Konkurrenzsituatioun tëscht den Netzbedreiwer ze verhënneren, an d'Käschten, déi bei der Erfëllung vun dëser Obligatioun entstinn, op déi verschidde Stroumkonsumenten verdeelen ze kënnen (Kategorie A: haaptsächlech Haushalter, B: haaptsächlech Betriber an C: grouss Stroumkonsumenten), huet de Gesetzgeber de Mécanisme de compensation agefouert. De Bäitrag gëtt dozou bei all Konsument aus de jeeweilege Kategorien iwwert e festgesaten Taux erhuewen, a gëtt benotzt fir d'Käschten ze decken, déi beim Netzbedreiwer entstinn.

- **Wéi vill Sue sinn iwwer de Mécanisme de compensation an de leschte Joren ageholl ginn?**

D'Bäiträg, déi d'Netzbedreiwer déi leschte Jore bei de Stroumkonsumenten aus de jeeweilege Kategorië konnten anzéien, stinn an der Tabell 1. Hei gëtt den uewe genannten Taux mat der Consommatioun vun de jeeweilegen Kategorien verrechent, den Taux vun der Kategorie A a B gëtt am Prinzip um Enn vum Joer fir dat kommend Joer festgeluecht, dat notamment opgrond vun de Prognose vun de Netzbedreiwer.

Et muss ee beuechten, datt de Staat fir d'Joren 2023 an 2024 eng substanziell Contributioun bäigesteiert huet, sou datt bei de Clientë vun der Kategorie A eng „*Contribution négative*" erauskënnt. Dëst fir de Stroumpräis vun deene Clienten op dem Niveau vun 2022 ze stabiliséieren, nodeems d'Stroummarchéspräisser wéinst der Invasioun vun der Ukrain duerch Russland massiv an d'Luucht gaange waren. 2021 war d'Situatioun also nach eng klassesch normal Entwécklung vun de Contributiounen.

*Tabell 1: Iwwersiicht vun de Contributiounen aus de Joren 2021 bis 2024*[3]

| Contributioun Kategorien A-B-C | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** |
|---|---|---|---|---|
| Kategorie A | 47 121 587,97 € | 23 305 859,14 € | - 124 519 300,12 € | - 139 092 934,83 € |
| Kategorie B | 28 607 511,21 € | 16 574 407,55 € | 3 783 686,57 € | 3 329 216,65 € |
| Kategorie C | 2 172 266,74 € | 2 039 246,72 € | 1 814 280,82 € | 1 900 163,73 € |
| **Zomm** | **77 901 365,92 €** | **41 919 513,41 €** | **- 118 921 332,73 €** | **- 133 863 554,45 €** |

[1] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2007/08/01/n13/jo
[2] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2010/03/31/n2/jo
[3] Rapport sur le mécanisme de compensation – Institut luxembourgeois de régulation - https://www.ilr.lu/publications/rapport-sur-le-mecanisme-de-compensation-de-lannee-2024/

- **Wéi vill Sue sinn am selwechten Zäitraum ausbezuelt ginn?**

D'Käschte vum Mécanisme de compensation deelen sech op a Bruttokäschten (*coûts bruts*), vermidde Käschten (*coûts évités*) an Nettokäschten (*coûts nets*) sou wéi am Reglement vun 2010 festgeluecht.

D’Bruttokäschten droen d’Netzbredreiwer, déi den agespeiste Stroum vun de Produzenten iwwert en ”*Contrat de rachat”* oder “*Contrat de prime de marché”* ofkafen, wéi uewe schonns ernimmt. Dës Kontrakter hunn an der Reegel eng Lafzäit vu 15 Joer. Zousätzlech kommen nach fir verschiddenen Anlagen de Wärme- a Güllebonus dobäi.

Déi vermidde Käschte gi vum Regulateur (*Institut Luxembourgeois de Régulation - ILR*) fir all Netzbedreiwer festgeluecht, an entspriechen dem Stroummarchéspräis, verrechent mam Volume, deen d’Netzbedreiwer opgrond vun de Kontrakter zeréckkafen. 2022 gesäit een z.B. d’Repercussioun vun den héije Stroummarchéspräisser op déi vermidde Käschten.

No der Ofrechnung vun de Bruttokäschten an de vermidde Käschten, erginn sech d’Nettokäschten, also déi verbleiwend Käschten.

*Tabell 2 : Iwwersiicht vun de Bruttokäschten, vermidde Käschten an Nettokäschten aus de Joren 2021 bis 2024*

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Bruttokäschten | 119 777 248,20 € | 108 703 828,20 € | 124 393 288,98 € | 95 556 924,98 € |
| - vermidde Käschten | 43 488 930,65 € | 100 196 689,74 € | 40 147 961,40 € | 26 793 231,30 € |
| = Nettokäschten | 76 288 317,55 € | 8 507 138,46 € | 84 245 327,58 € | 68 763 693,68 € |

Vun deenen Nettokäschten zitt de Regulateur d’Contributiounen of, déi de Netzbedreiwer bei de jeeweilege Kategorien am Kader vum Mécanisme de compensation facturéiert huet.

- **Wéi gesäit d’finanziell Bilanz vum Mécanisme de compensation aus?**

Well d’Stroummarchéspräisser am Joer 2022 aussergewéinlech héich waren, sinn och déi vermidde Käschten entspriechend an d’Luucht gaangen. Dat huet zu engem gréissere Report vun 2022 op 2023 gefouert. Déi méi héich staatlech Contributiounen ab 2023 hunn et erlaabt de Mécanisme de compensation ze stabiliséieren (Tabell 3). An dëser Tabell ass déi negativ Contributioun vun de Clientë vun der Kategorie A net berücksichtegt.

*Tabell 3: Iwwersiicht vun de Resultater an Reporten aus de Joren 2021 bis 2024*[3]

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Contributions - coûts nets | 27 451 744,29 € | 45 914 620,87 € | - 91 541 142,61 € | 22 841 328,61 € |
| Coûts de gestion | 881 592,17 € | 758 661,53 € | 717 557,70 € | 507 720,64 € |
| Résultat de l’exercice | 26 570 152,12 € | 45 155 959,34 € | - 92 258 700,31 € | 22 333 607,97 € |
| Report de l'année précédente | 16 008 704,07 € | 42 578 856,19 € | 87 734 815,53 € | - 4 523 884,78 € |
| **Résultat et report vers l'année suivante** | **42 578 856,19 €** | **87 734 815,53 €** | **- 4 523 884,78 €** | **17 809 723,19 €** |

- **Wéi eng finanziell Projektioune gëtt et fir déi nächst Joren, wat d'Einnamen an d'Ausgabe vum Mécanisme de compensation ugeet?**

De Mécanisme de compensation gëtt vu Joer zu Joer geplangt. De Budget, wéi am Pluriannuel vum Fonds Climat et Energie fir d'Joren 2026 bis 2029 virgesinn, variéiert prinzipiell tëscht 120 an 130 Milliounen Euro (Tabell 4).

*Tabell 4: Budget pluriannuel 2026-2029*

| | 2026 | 2027 | 2028 | 2029 |
|---|---|---|---|---|
| Budget pluriannuel 2026-2029 | 120 000 000 € | 120 000 000 € | 125 000 000 € | 130 000 000 € |

Fir d'Joer 2026 läit de Budget net bei den ursprénglech geplangten 120 Milliounen Euro, mee bei 88 Milliounen Euro. Dat läit dorunner, datt d'Wandverhältnisser am Joer 2025 net optimal waren an eenzel Biomasseanlagen ënnert hire Produktiounkapazitéiten gelaf sinn, soudass manner Käschten entstinn, wéi uganks virgesinn an de Report vun 2025 op 2026 méi héich ausfält.

Bei de Projektioune fir déi nächst Jore spillen eng Rei Facteuren eng Roll, dorënner d'Entwécklung vum Stroummarchéspräis, d'Unzuel vun neien Anlagen, déi ënnert de Mécanisme de compensation falen, d'Wiederverhältnisser, déi d'Produktiounskapazitéit vu Fotovoltaik- a Wandanlage beaflossen, souwéi disponibel Donnéeën. Well d'Produktioun wäert zouhuelen, klammen och d'Käschten, déi musse kompenséiert ginn.

- **Geet d'Regierung dovun aus, datt dëse Mécanisme de compensation an Zukunft manner staark wäert belaascht ginn, a falls jo, firwat?**

Wéi an der Fro virdru schonn ernimmt, spillen d'Evolutioun vum Stroummarchéspräis, d'Unzuel vun den neien Anlagen an d'Produktiounsvolummen, déi an d'Netz agespeist ginn eng zentral Roll.

Ob de Mécanisme de compensation méi oder manner staark wäert belaascht ginn, hänkt vun deene grad genannten Facteuren of, och wann tendenziell d'Aspeisetariffer duerch d'Degressioun erofginn, kommen all Joer nei Anlagen dobäi, déi een Tarif an Usproch huelen. Des Weideren hänkt et dovunner of wéi héich de Marchéspräis ass, wann dee méi héich läit wéi den Aspeisetarif zum Beispill, fale keng Käschten un, falls en awer dorënner leit, geet den Ënnerscheed tëschent dem Aspeisetarif an dem Stroummarchéspräiss als Käschten an de Mécanisme de compensation.

Luxembourg, le 22/01/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles